


# DIÉ KLENGEN

Löschtegt Steck an drei Akten

arrange'ert vum J.St.

ACFL: Service du Thêâtre, Luxembourg, 3, Place du théâtre.

---

## Perso'nen:

Tataen vum Sylvain:

1. d'Joffer Anna ,
2. d'Joffer Hortense,
3. d'Joffer Esther ,

(drei Geschwester, allen drei eler Jofferen, zimlech démode'ert, almo'desch geklét, eng we' di aner.

4. d'Joffer Amely, diéselvechten Alter - hir Frenndin
5. d'Julianne, eng ganz âl, awer resolut Haushälterin de' seit Jor an Dâg am Haus ass.

## Decors:

1.Akt : Eng Stuff mat zimlech almo'deschen Nippsachen.

2.Akt : Di drei Zemmercher vun denen drei Jofferen.

3.Akt : Stuff , we' am e'schten Akt.

---

## 1. Akt

Et ass owes nom Nuechtiessen.
Di drei Joffer n hun allen drei eng Streck mat donkelbrong Woll am Gang. D'Julianne raumt den Desch, wescht den Toile cirée of, let den Teppech drop während dem di drei mat enaner schwätzen. Si droen allen drei e Brell, dien se reckelen, fir driwer ze kucken, wann se schwätzen.

Esther : (oni op ze kucken zum Anna) We'ni kent d'Amely?
Anna : (äntwert net, zielt d'Schlepper)

Esther : (oni vun senger Streck opzekucken) Anna, hues de net he'eren, dass ech der eng Fro gestallt hun?

Anna : (zielt virun d'Schlepper, schon e besche me' nervös)

Esther : (ongedelleg) lauschter mol Anna, dass de dat élst vun eis dret bass, wesse mer scho lang, ma du dés engem dât zenter enger Zeit deitlech ze fillen.

Anna : (oni opzekucken zielt elo hart) sieven an dresseg, acht an dresseg, neng an dresseg..

Esther: (kuckt op) O pardon..

Anna : ve'erzeg, én ave'erzeg; drei ave'erzeg... (helt op) Dass awer emmer én de Mond muss opmaen wann ech Schlepper zielen..De' Ke'er ass et awer deng Schold ganz eleng, wann ech mech verzielt hun.

Hortense: (ongedelleg) Dajé, dajé, zerstreit iech dach net eso'. Ech fannen dir sitt iwerhapt zimlech nervös di lescht Zeit.

Anna : Ech mengen, Hortense, et wär Zeit, dass du d'Evangelium vun der Spleiter a vum der Dunn mol rem gengs liesen.

Esther : Du iwregens och, Anna, du hues mer nach emmer net gesot we'ni ass d'Amely kent.

(et schellt)
Anna: Ma dat wert et sin.

(d'Julianne gét aus a kent gleich drop mam Amely eran.)

Julianne: Kommt eran Joffer Amely, si hu schon op iech gewart.

(Di drei sprangen op, begre'ssen hir Frendin ganz êschtlech.) Bonsoir Amely. We' gét et dir?

Anna: Le dech of, Amely, et ass warem an eiser Stuff.

Esther: (gét op den Thermometer kucken) T'ass wo'er, et ass iwerhetzt, mir hun 20 grad.

Hortense: Mir hu just vun dir geschwât. Solle mer nit den owend môl rem e 66 spillen?

Amely: (nach emmer am Mantel) Dât hat ech och geduecht, ma ech mengen, wann der di Nouvelle he'ert di ech éch brengen, spillt der den ôwend nit me' Kard.

(Di drei sti ganz gespannt rondem d'Amely)

Anna: Wât fir eng Nouvell brengst eis dann?

Esther: Se'er,da so et.

Hortense: Jo, loss én net so' lang warden.

Amely : (ganz feierlech kuckt an rngems eng no der âne fir d'Wirkung op hire Gesichter ze gesin)
Elo,we' ech heihinner kom sin....hun ech gesin, dass dem Dokter Blanchard sein Auto virum Sylvain sengem Haus hull.

(Di drei machen mattenén eng Bewegung,we' wann s'erfe'ert wären,huelen sech awer direkt zesummen a gin matt gleichgültege Gesichter vum Amely fort op hir Still setzen.)

Anna: Ass dât alles?

Esther: Nit der Wert dervun ze schwätzen.

Hortense: Loss mer Kard spillen.

(Si raumen den Desch zimlech nervös,recken hir Still ronderem.)

Esther: Dajé Amely,ech gin d'Kard..

Amely: (wat nach emmer do stét) Da spillt der awer matt der Kard?

Hortense: Virwât dann nit?

Amely: So' eppes kann ech awer nit versto'en..Da sét én dene Jofferen hir Niéce krit e Bebé,den Dokter hill virum Haus an si spille Kard.

Anna: Du wés ganz gené,Amely,dass mir keng Niéce hun.

Amely: Ech wés awer dasss der e Neveu hutt.

Hortense: Amely,we' dack hu mir dir scho gesôt du solls dié Numm Sylvain nit me' virun eis ausspriechen.

Amely: Ma Hortense,du hues en jo selver gesot.

Esther: Loss mer nit um Buschstav reiden.Du wéss besser we' irgend en aner,Amely,virwat ass mer nit me' gudd mat eisem..Syl..ö ..Neveu sin. Du hues absolut kén Takt,soss ge'fs de nit vun em Schwätzen.

Anna : Bedenk dach,Amely,wât hien eis ugedo huet.

Amely: (dét de Mantel aus a setzt sech och bei den Desch)

Bong da loss mer nit me' dervu schwätzen.Wié get d'Kard?..

Esther: Ma ech si jo schon am Gang.(Hatt steckelt d'Kard an délt se aus.An engems sét et zum Amely:)Ass et kâl dobaussen?

Amely: (spatz) Net so' kâl wéi heibannen.

Hortense: (kuckt sei Kartespill) Ech passen.

Anna: (let eng Kard op den Desch,di aner léen all eng drop ouni eppes ze soen,d'Anna helt d'Karten a let seng aner a set :Kreizer

Amely: Ma Anna,du hues dech keng Kreizer.

Anna: O pardon,ech hu mech versin.(Hat let eng aner Kard op den Des c h )

Hortense: (Let eng Kard,helt se gleich rem zreck.)Wéi domm,de' wollt ech dach net spillen.

Esther: (iergerlech)Ma dann konzentre'ert iech dach,(lét sehg Kard an helt di drei Karten)

Amely: (ironesch)Ma Esther,ech hu jo nach nit gespillt.

Esther: (lét se rem hannescht)Pardon,ech...

Hortense : (besseg)Du wars secher am gang dech ze konzentre'eren.

Amely: (an engems ass et seng Kard droplét) So' de' wäre fir mech.Hat lét eng nei Kard(zum Anna):dajé,dass un dir, op wât warts de.

Anna: (wât guer net op seng Kard kuckt)entschellegt, (kuckt seng Kard ganz nervös) ech passen.

Amely: We' du muss dach bekennen...

Anna: Richteg,ech hat nit uecht gin.

Hortense: U wât denks du dann nemmen?

Amely: (lacht hémlech)Ech ka mer et denken..

Esther: Amely,ennerbriech eis dach net dauernd matt denge Bemerkungen..

Anna: T'ass wo'er,mer komme jo nit virun..

Amely: Ech mengen,et hält net u mir,dass mer nit viru kommen.

Hortense: So' komme mer op ké Fall weider..solle mer nit d'Kard erem nei gin?

Amely: Dat ass gehoppst we' gesprong,ech wosst jo,dass der den owend keng Kard kent spillen.

Esther: Ech froe mech firwat,Amely?

Amely: Du frés mech firwat?Wann échbeim Kartespill mat de Gedanken anzwo' anescht ass,kann en nit spillen.

Hortense: Ech froe mech wo' mer solle mat de Gedanken sin?

Amely: Lich t ze roden..Bei dem klenge Kand,wat lo op d'Welt soll kommen.

Anna: Do bass d'awer am Irtom..Meng zwo' Schwesteren interesse'eren sech genau so' wèneg we' ech selver fir dat Kand.

Amely: Dat gläwt der jo selver nit,dass dem Sylvain sei Mand ech nit soll intresse'eren.

Esther: Amely,mir hun der ele'nescht scho gesot,du solls nit me' vun der Affaire schwätzen.

Amely: Doch,~~mir-hun-der-ele'nesecht~~ ech muss iech dat soen,et ass onerhe'ert,dass der ère Neveu,dien dir vu klengem un opgezillt hutt oni Schlag a Sto'ss virun d'Dir setzt well en sech mat engem Médchen bestuet huet,wât iech nit gefällt.

Hortense: (proteste'ert)Mir hun hien nit virun d'Dir gesât.

Amely: Dir hut awer senger Fra d'Dir verbuet.Dât ass nach me' schlemm.

Esther: Firwât a me' schlemm?

Amely: Hutt der da vleicht gemengt de Sylvain ke'm oni d'Josette?

Anna: D'Josette..schwätz dach nit dervun.We' lang kent hien d'Josette?(knaps 2 Joer ganz batter) a seng Tatten,de' bâl 30 Joer nemme fir hien gelieft hun,lesst en we'nt dem Josette lo einfach lenks leien.

Amely: Ma de Sylvain muss dach sei Liewe mâchen,hât der da vleicht gemengt,hie ge'f sech we'nt ~~dem-Josette~~ ârer nit bestueden?

Hortense: Du bass allerhand affronte'ert,Amely,mir hu guer neischt drge'nt dass de Sylvain sech bestued huet,ma hien hätt dât Médchen sollen huelen,wât mir him rausgesicht hâten.

Amely: De Sylvain huet dât Médchen geholl,wât him gefall huet, an ech muss soen,et ass e ganzt le'wt a feint Médchen.

Esther: (verächtlech)Fir eis ass et friem,mir kennen seng Leidd nit a neischt.

Amely: Dir hätt scho lang Geléenhét gehât et kennen ze le'eren, wo' de Sylvain dach hei an der Noperschaft wunt,zenter ass e bestuet ass.

Hortense: Dât war ze spe't.Mir hätte misse Geléenhét hun et virdrun kennen ze le'eren.

Amely: So'vill ech wéss,haten dach dem Josette seng Elteren éch e puer môl invite'ert,an dir sitt einfach nit gang.

Anna: Wo' denks du hin Amely.Sech an eisem Alter so' weit ze deplace'eren,si wunnen jo aus der Welt eraus.

Amely: Du sicht awer keng Ursachen,mir mussen eis alleguer dé-place'ere können.Op émôl sti mir virun der gro'sser Rés, do gi mir nit me' gefrôt op mer wellen od. nit.

Hortense: Fänk elo net un trageech ze gin.Du wells eis dach lo nit vum Do'd schwätzen.

Amely: Ma dach grad..Ech wellt jiddenfalls nit matt so' engem Hâss am Herz vum Do'd iwerrascht gin.

Esther : Du bass gro'ssarteg,Amely,mengst de vleicht mir missten de Sylvain em Verzeihung biede goen,fir dât Léd wât hien eis ugedoen huet.

Amely: Ditt mech net lâchen,gengt der nach gär soen de Sylvain hätt e Verbriechen gemét,wéll en e Médchen bestuet huet, wât e gär huet.Dir sitt allen 3 ganz egoistesch.

Anna: Mir sin deng Bemerkungen guer nit ne'deg,Amely,mir wellen neischt mat Josette ze din hun,ferdeg.

Amely: A mat sengem Mand?

(Di drei fueren é Moment zesummen,da ganz gleichgülteg)

Hortense: An dene Konditio'nen kann dât Mand eis och net interesse'eren.

Amely : Dat ass jo allerhand, eng Fra de' sech net fir e Kand intresse'ert ass wirklech net vill wert.
Esther: Lo get et awer duer, mir wellen neischt vun em wêssen.

Anna: Ech bieden dech Amely, loss eis ro'eg.

(Et schellt) Si rennen allendrei bei d'Fenster)

Hortense: A wie kent nach so' spe't schellen?

Esther: Helt net en Auto virun eiser Dir?

Amely: En Auto..ass et iren den Dokter Blanchard? (di drei fueren rem e Moment zesummen) Et wärt dach neischt geschitt sin beim Josette.

(Di drei gi vun der Fenster eweg, setzen sech mat ganz gleichgültege Gesichter, huelen allen drei hir Streck, ma hir Hänn zidderen) Et schellt erem eng Ke'er.
(Si halen allen drei matenén op mat strecken.)

Amely: Firwât gét d'Julienne dann net opmâchen? (kuckt zur Dir aus) Ah well gét et..Wién ass et Julienne?
(Di drei strecken erem, ma hir Hänn zideren nach emmer)
Julienne: (Dât gleich drop eran kent) Et ass fir iech, Joffer Amely. Er Schwester le'sst froen op der un hir Vantousen geduecht hut..

Amely: Mei Gott, di Arem , sôt ech ke'm direkt..(si dét hire Mantel un, gét jidderenger d'Hand) U wât schafft der eigentlech?

Hortense: Ma fir d'Crèche, du wés dach dass mer all Joer eng Chreschtfeier mat Geschenker fir d'Kanner organise'eren.

Amely: (ironesch) An do hat ech gemengt d'Kanner ge'fen iech eppes net interesse'eren.
Esther: Fänk net un domatt, loss eis we'negstens lo ro'eg schlofe goen.
Amely: Ech mengen dir schlôft allendrei net ro'eg dess Nuecht. Dem Sylvain sei Bebé kent iech dach net aus dem Kapp.

(Si gét fort a le'sst di drei de' ganz nervös virustrecken eleng. Da fällt d'Rideau)

## 2. Akt.

Di drei Schlofzemmeren vun denen drei Jofferen. D'Bühn get an drei gleichgro'ss Déler agedélt, mat Rideauen oder Leindicher. An all Zemmerchem en Divan, wa Plâtz en Desch an en Stull. Et wir ulkeg wann op all Desch eng Wäschschossel mam Kro' steng. Si kommen vun hannen an hir Zemmercher, ze'en duerfir d'Rideau e beschen eweg. Di Rideau am Fong muss duerfir an drei Stecker sin. Wann de Vorhang op gét ass kén an den Zemmeren. Di e'scht Seen spillt sech an der Dir vun dem mettelsten Zemmer of.

Anna:(kent bis eran,di zwo' aner an der Dir)Si gin sech d'Hand fir sech gudde Nuecht ze soen)Guddenuecht Hortense,gudde Nuecht Esther.

Hortende:Gudde Nuecht Anna a schlôf gudd.

Esther: Gudde Nuecht,loss mer eis we'nt der Scen de' d'Amely eis gemâch,net oprégen..

Anna: Net derwert fir dervun ze schwätzen.Schlôft gudd.

(d' Anna zitt de Rideau zo',bleiwt e Moment stoen bis si 2 an hirem Zemmer sin,da machen de' 3 mattenén diselvecht Gesten.Dât muss gudd mattenaner ageübt sin.

Wie flüstert,ka vleicht hei nemmen en Zechen denen 3 undeiten wat fir Geste ze mache sin,dass se allen drei zur selvechter Zeit dié selvechte Gest machen

Fir d'e'scht bleiwen s'allen 3 zum Publikum gedre(ht é Moment stoen.Dann ze'en se eng Halsketten,de' seenner de Kléder droen eraus a kucken de Medaillon un ganz andächteg,huelen dann d'Nuechnappech a weschen eng Tre'n ewech.Alles ganz bzdächteg.

Dann mat engem ganz viven Schrett dre'en se sech mattenén em a vergewesseren sech op d'Dir zo' ass.Si lauschteren mat enger Hand beim O'er op néischt sechm me' re'ert.(Do wo' Diren am Fong me'glech sin,dre'en se nach émol de Schlëssel em.Si kennen och den Desch oder de Stull viru recken

Da gin se op den Ze'wen bis bei hirt Bett an ze'en enner der Matrasse e Päckelchen an engem schluetweissen Handtuch eraus a léen Steck fir Steck eraus:Brassière,Strampelbox,Mitzchen.Allen 3 zelvecht,ma dem Hortense seng si blo,dann dem Anna seng weiss, dem Esther seng rosa.

Si hueken e lacet an ze'en en uewen an d'Brassière an.Da bekucken se di Sachen matt ganz vill Le'ft.

Hortense: Ech wellt et ge'f é Médchen.

Esther: A wann et e Bo'f ge'f.

Anna: (e besche me' spe't)Jong oder Médchen,egal,et ass d'Kand vun eisem Sylvain.

E Moment sin se ro'eg,dann huelen se d'Mitzchen op d'Hand an dre'nen e besche matt der Hand vir se vun älle Seiten ze bekucken. Da schwätzen se erem all Ke'er ént nom aneren matt enger klenger Paus dertescht.

Hortense: Et wär jo zévill le'f an de Heifchen..

Esther: (verdresslech)Wann ech bedenken,dass en de' Heifchen hei net duerf opdin.

Anna: Wa meng Schwesterchen dach nit sou stur wiren.

Hortense:(nach emmer d'Heifchen an der Hand)Et krit nach bestemmt Krauselen,de Sylvain hat der och.

Esther: Et wärt sou en artleche Männchen gin we' de Sylvain.

Anna: Lo ass eise Baby vleicht schon op der Welt..

Hortense:Si gin em nach op émôl mein Numm.(drémeresch)Hortensi.. Hortensili..Hortensalinelichen..

Esther: Ech wellt si ge'fen en Philippe nen nen,(heltsech erem) derzo' nén,da ge'f et direkt e Flepp.

Anna: We' sollen se dât Kand défen?Nujé,dât wär mer eigentlech egal..

(Si fänken un erem alles an d'Handtuch ze weckelen)

Esther:Eigentlech war et eng vereckt Idi vu mir fir dat alles ze strechen.
Anna: Onetz Sachen,ech hätt de' Zeit eppes anescht kenne mân.
Hortense:Ech brengen et awer nit iwert d'Herz fir engem aneren et ze gin.
(Si wellen d'Päckelcher erem verstauen,bleiwen awer e Moment onschlesseg stoen.)
Esther:Wann ech sou kleng wir...
Hortense:Wann ech wësst dass kén et gesich..

Anna : Wa meng Scgwesteren neischt dervu giffe gewuer gin.

(Si décide'eren sech mat engem Coup)

Hortense:Et ass mir egal,ech schecke mei Cadeau..

Esther: De Sylvain ge'f gesin,dass ech him we'negstens trei blâf sin.
Anna: Mei Geste ge'f beweisen,dass ech we'negstens nit sou tockskäppeg sin we' meng 2 aner Schwesteren.

(Si weckelen d'Sachen erem aus dem Handtuch,huelen e Karton a a Seidepapeier a Fänken un anzepâcken.An engems summen se d'Weis:Schlôf Kendche schlôf..)

Esther: (Wann de Päckelchen bâl ferdeg ass)We' kre'en ech en dohin
Hortense:Ech kann en net selver droen,ech misst en schecken..

Anna: ~~Meng 2 Schwesteren~~ Wann ech e Wuert derbei ge'f schreiwen
(Si huelen allen drei e Blatt Papeier a fänken un ze schreiwen)
Hortense: Mei le'we Sylvain....

Esther: Ech sin net we' de' 2 Tatten.

Anna: Meng 2 SChwesteren wessen selbstverständlech neischt dervu
Hortense: Gengs de dât fir me'glech halen,dass meng 2 Schwesteren se'lero'eg schlôfen an dém Moment wo' déi Kand op d'Welt soll kommen.
(Et schelllt ganz hart.)Si sprangen matt engem Sâtz op a verstauen hire Päckelchen,verstoppen de Bre'f,din hir Schlappen un an ze'en eng Robe de Chamber un.
Et ass natirlech me' ulkeg,wann di drei ugedo sin we' em 1900.Si din dann hir Jupen aus a stin allendrei an engem lange weisse Jupon matt vill Volants drun,ze'en iwert hir Bluse e Kaseweck a setzen eng Schlôfhauf op.
Da lauschteren se mam O'er bei der Dir.
Et schellt nach eng Ke'er..Vu baussen he'ert én Trett.
An et he'ert én d'Stemm vum Julienne.Wart,ech kommen opmachen.
Julienne:(no enger Zeit wo' de'3 onbeweglech bei der Dir stin)
Joffer Anna,et ass fir iech..
Anna: (fasst sech)Komm eran Julienne,wât ass geschitt?

(d'Julienne kent am Anna séin Zemmer,hannendrun d'Esther an d'Hortense)

Hortense: Wât ass geschitt?

Anna: (an engems ass et e Bre'f helt dén d'Julienne em récht)Dir kent iech zreckze'en Julianne,sot mer nach wien die Bre'f heihi bruecht huet.

Julianne: So' eppes we' eng Infirmière,si wart op eng Äntwert.

Anna: Bong,fe'ert se bis an d'Salle à manger,ech ruffen iech an e puer Minuten.

(d'Julianne gét fort)

Anna: (nodém dass d'Julianne fort ass)Et ass dem Sylvain seng Schreft .
(Hatt stét an der Mett,di 2 zu all Séit,an si zidderen vun Opregung.D'Anna mecht de Bre'f op,och seng Hänn zidderen ma hatt get sech Me'h fir mat fester Stëmm ze liésen.)

Ech sin zenter den ôwend Papp vun engem kräftege Jong. Ech well als Ieschten iech et soen,ech hätt net gär wann der et durch en âner gengt he'eren,well ech hun iech allendrei trotz déne Missverztändnisser vun der leschter Zeit nach emmer ganz gär.
(Si weschen allen 3 mam Ielebou iwer d'An,stin dann awer gleich drop erem stramm)

Anna: (liest virun)Ech mengen wär elo sou gleckl.ch,wann d'Josette an der Rei wir(si zecken allen 3 emol zesummen)Hatt huet zimlech he'ch Fe'wer an den Dokter huet him absolut Ro' verschriw.Well awer dé Klengen wirklech an der Nuecht vi vill geng jeitzen,wollt ech iech froen,ob ech hien bei iech kent brengen,mir wunnen jo sou no beienén an ech sin iwerzégt,dass dir net refuse'ert.Dir hut mech jo opgezillt an ech wés de Klengen bestemmt nit a besser Hänn. Vleicht komme mer durch hien erem me' no,wât ech vun Härze wenschen an d'Kosette och...Sylvain.

(Si stin allen 3 ganz ro'eg do matt nidergeschloenen An a färten fir eng di aner ze bekucken;)

Hortense: Wann ech gudd verstan hun,dann huet-wart de' Perso'n op eis Äntwert.

Esther: A wann ech gudd verstan hun,dann huet di dé Klengen scho matbrucht.

Anna: Dat ka gudd sin.

Hortense: Mir mussen direct eng Äntwert gin.

Esther: Jo, a se'er,soss erkâlt de Klengen nach.

Anna: Wat mengt der dann,wat mer sollen äntwerten?

Esther: Ech wéss net,Anna,wât mengs du?

Anna: An du Hortense?

Hortense: Ech fuege mech dengem Kom[illegible].

Esther: Ech och,du bass schliess lech dât Elst?

Anna : (oni opze'kucken) Wa mir famillge'messeg handeln,misste mir refuse'eren, mönschlech gehandelt, musse mir dé klengen unhuelen.

Esther : (onwelleg) Et ass elo keng Zeit fir ze gesin, we' mir sollen handeln, et muss gehandelt gin an direkt.

Hortense: Ech...ö ech mengen, bei dém Wieder less é mol kén Hond dobaussen.

Esther : Zemol well de Sylvain dén e'schte Schrack mecht, mengen ech, wat menste, Anna?

Anna : Ech mengen och...

Hortense: Ech och..

Esther : Wat mengt der allenzwé?

Anna : Dass mir allendrei d'accord sin, fir d'Kand heizehâlen.

Hortense: (gét bei d'Dir) Ech lâfen et se'er sôen.

Esther : (fällt bal iwert et) Né, loss mech goen, Hortense.

Anna : (hellt se allenzwé zreck) Nén, de' Mission fällt mir zo', ech sin dat élst, wanneggelifft (hat gét bis bei d'Dir, kennt awer erem a sét) Ech sin amgang ze iwerléen op et net besser wär, mir ge'wen d'Julianne mat der Äntwert sche'cken (hat rifft) Julianne...

Julianne: (kennt an enger Fréd eran) Wât ass dat én hierzige Wiermchen, fir ze friessen..

Anna : (ganz kâl) Ech hun iwer èr Ménung net gefrôt. Gitt sôt zu dér Persoén, mir ge'fen dé klengen fir e puer Stonnen ophuelen

Julianne: Bong, Joffer Anna, an dé klengen, soll ech en eropbrengen?

Anna : Nén, bekemmert dir iech em en.

Julianne: Et ass net wârem op menger Kummer.

Anna : Da losst en an der Salle à manger.

Hortense: Gitt op den ieweschte Speicher.

Julianne: Dem Sylvain seng We' erof huelen, duerf ech ?

Anna : Nén, huelt le'wer de Moses,dé mir fir d'Crèche prepare'ert hun.

Esther : Vergiesst net eng gudd Bull dranzeléen.

Julianne: (spöttesch) An dém klengen ze soen, we' seng Gro'sstataen op émol so' besuergt sin..

Anna : Mir sin net ne'deg fun iech Remarquen ze kre'en,Julianne

Hortense: Wann dé klenge jeitzt, dann...

Julianne: (ennerbrecht)An ech sin es net ne'deg fun iech Rôtschle' ze kre'en...Wann én zeng Kanner opgezillt huet, dann...

Anna : (ennerbrecht) T'ass scho gudd, losst de' Person net onnetz warden (Juliane gét fort. Sie bleiwen é Moment stoen)

Hortense: Annelo?

Esther : Majo, wat elo?

Anna : (get sech Me' fir eröm ganz gleichgültig ze sin) Ma elo... elo bleiwt eis neischt ânescht iwreg, we' eröm an d'Bett ze goen, gudde Nuecht.

(Während d'Esther qn d'Hortense ausgin, fällt de Rideau)

III. Akt

(Di selwecht Stuff we' am e'schten Akt, et assbâl deischter, an der Mett stét é Moses. Wann de Rideau é Moment gezun ass gét ganz virsechteg d'Dir op, et geseit én é Kapp era lussen, an é mat enger Täscheluucht eralichten. D'Esther, é Mantel un an én Hutt op, schleicht sech lues eran a mecht d'Dir erem ganz lues hannen un sech zo'. Hat gét op den Ze'wespetzn bis bei d'We', helt d'Hand iwer d'Lucht a a licht dran. Da beckt et sech iwer d'We', richt sech erem op an ass ganz an Extase.

Esther : (fir sech) We' zockereg, we' le'f...we' gleicht en dem Sylvain...we' schle'ft en eso sche'n..hat beckt sech iwer d'We' a kesst dé Klengen ganz delikat op d'Stir (dé klengen ass eng deck Celluloïds Popp, dé we' é Bébé geweckelt ass) Hat wellt sech nach eng Ke'er becken, mé dann he'ert én eppes bei der Dir. D'Klensch get ganz firsechteg erof gedreckt. D'Esther mecht se'er seng Täscheluucht aus a krecht ennert den Desch. Den Tapis hengt eso' weit erôf, dass kén hat geseit.
Knapps ass et ennert dem Desch, kennt erem eng Gestalt ganz lues zu Dir eran, an der Hand eng Kerz, di âner Hand helt et virdrun. Hat gét bis bei d'We', dann helt et d'Hand vun der Kerz eweg, et ass d'Hortense, et ass we' d'Esther am Mantel an am Hut,am Schein vun der Kerz geseit én, we' och hat ganz an Extase ass.

Hortense: Oh, wât én Herzi...just we' de' Sylvain...(hat kesst en, dann setzt et de Lichter mat der Kerz op den Dösch an helt ganz virsechteg dé Klengen aus der We', helt en zärtlech an d'Ärem) Mein Engelchen, mein Le'wi...
(vu baussen he'ert én Trett.D'Hortense lét d'Kanf se'er an d'We' a lauschtert é Moment. D'Klensch get lues erof gedreckt Hat blest se'er d'Kerz aus a wellt ennert den Dösch, dét e Krésch a kreicht op ve'er Patten hannert d'We', net ganz, dat én et nach e besche geseit;

Anna : (kent virsechteg eran) Wién ass hei?...(et aentwert kén) Wién ass heibannen?..Äntwert, oder ech mâchen d'Lucht un. E Moment ass et ganz ro'heg, da gét d'Lucht un, d'Hortense bleiwt hannert der We' setzen, mais d'Anna geseit et awer direkt) Hortense, wat mechs du dann do setzen, bass de verreckt?

Hortense: (krecht e besschen me' hannendrun eraus, hat ziddert um ganze Kierper) N..nén...

Anna : mé dann äntwer mer dach , wat hues de nemmen?

Hortense: (weist mam Fanger ennert den Dösch) Et ass...et ass én ennert dem Dösch.

Anna : Du dréms, wo' soll dann én ennert dem Dösch sin?

Hortense: Dach, ech hun eng Hand gespuert, we' ech.. we' ech eppes ennert dem Dösch wollt sichen...

Anna : Ech froe mech, wats du an der Nuecht ennert den Dösch siche gés.

Hortense: (dét e Krésch) Den Teppich wibbelt...

Anna : (gét bei den Dösch fir drenner ze kucken) Mei Gott, é Fo'ss..

Hortense; (sprengt mat engem Sâtz op) En De'f,...en De'f...

Anna : (och elo ganz opgerégt) En dém dem Kand eppes wellt zu Léds din...Wart, lo get en erschlo..(hat hellt é Stull an drét) An elo, eraus elei...oder ech ruffen d'Police (Hortense ziddert op Ärem an op Bén, an huet d'Klänsch am Grapp fir fortzelâfen. Den Teppech heft sech an d'Esther krecht eraus

Anna : Esther, a wo' kenns du hier?
(d'Esther sét neischt, d'Hortense kreischt ganz nervös an sein Nueschschnappech)
Ech mengen awer, dir zwé sidd ganz iwergeschnâpt..Kommen ech duerch zo'fall hei eran, a fannen d'Esther ennert dem Dösch an d'Hortense hannert der We', nén, dir hut se wirklech net me' all.

Esther : (ganz gene'ert) Ma, Anna, sief dach verstänneg, et ass én dach net verreckt wann én no engem Kand well kucke goen.

Hortense: Ech sin och duerfir komm.

Anna : Et ass bâl net ze gléwen, da solle mir Streit mam Sylvain hun, a mir beteieren nie me' mat em ze schwetzen, a neischt me' mat sengem Kand wellen ze din hun, a knaps ass dé klengen do, da lafen eis Jofferen erbei, fir en ze dorlote'eren Et ass jo ower och guer kén E'ergefill me' do.

Esther : Entschelleg, Anna.

Hortense; Sief net eso streng.

Anna : (fiert virun a strengem To'n) A wann ech net duerch Zo'fall komm wär, dann hätten de' zwo' Jofferen eng ganz Nuecht hei bei dém onerwönschte Kand verbruecht. Ganz duerch Zo'fall...

Esther : Bass de' ganz secher, dass et duerch Zo'fall wâr?

Anna : Dat do get awer zefill bont. Mengt der well dir iech verlégegt hut, ech geng och hannert mei Wuert. Ech versechern iech jo...

Hortense: Versecher neischt...(hat weist op eng wellen Decken, de' d'Anna enner dem Arem huet) Du wolls en och kucke kommen, an du hues so'guer eng Decke matbruecht fir en anze'weckelen wann e kâl ge'f gin.

Anna : An dann och nach? Ech wärt als élst all Recht hun, no engem Kand kucken ze goen, wat mir an eist Haus opgeholl hun...

Esther : No engem Kand, nom Sylvain sengem Kand, kuck nemmen we' en em gleicht.

Anna : (stét mat dénen zwé em d'We' a beckt sech driwer, hat strahlt mam ganze Gesicht) Wirklech, du mengs et wär de Sylvain...Mein Hieschen...

Hortense: Hiéw en emol op, e weit bestömmt 8 Pond..

Anna : (hellt en an d'Ärem, di zwé bekken sech driwer) We' se'ss.. de Sylvain war och so schwe'er.

Esther : Kuck seng Hoer, grad so' goldeg we' dem Sylvain seng.

Hortense; Dén intelligenten Ausdrock, dén dât Kand- ' schon huet, grad ewe' de Sylvain.

Anna : De' sche'n hech Stir, ganz gené we' dem Sylvain seng.

Esther : (ganz entzückt) Oh,,well huet en gelâcht...

Hortense: Nén, en huet gegâbst.

Anna : (erfe'ert)Bémol hu mir en erwecht, ech léen en hannescht

Esther : Jo, mir mussen en schlofe lôssen.

Hortense; Richteg, an da gi mir och erem schlofen.

Anna : (kuckt d'Hortense ) An zenter we'ni schle'fs de mat engem Hutt um Kapp?

Hortense: (erfe'ert, kuckt de zwé a sét spöttesch) Ech wollt just mâchen, we' dir zwé.
(Esther an Anna fueren sech mat der Hand iwer den Hut)

Anna : oh, do wor ech awer erem eng Ke'er zerstrét.

Hortense: An du, Esther?

Esther : Jö,...ech wirklech och, a nén, ech hât en nömmen opgemôsst fir ze gesin we' en zu menger neier Frisur geng passen.

Hortense: (lâcht) Zenter we'ni gés de dann metten an der Nuecht Hitt opmôssen?

Anna : (zum Hortense) An du, wuer gés du mat dengem Mantel?

Esther : Du wärs dach secher net metten an der Nuecht Mäntel umôssen?

Hortense: Nén, ech wollt goen, wo' dir och wollt goen.

Anna : We' wéss du dann, wuer echwollt goen?

Esther : Secher bei de Sylvain?

Hortense; Jo, bei de Sylvain, ech wôr onro'heg, we' ech he'eren hun, dass d'Josette net an der Reih wär. Et ass huerteg eppes geschitt, mir kennen et net eleng lôssen

Anna : Nén ,mir mussen nôm Josette kucke goen.

Esther : Wann et geng stierwen, mir missten eis jo e'weg Virwerf mâchen, dass mer net no em kucke gânge sin

Hortense; D'Amelie sét jo, et wier é ganzt le'ft Médchen.

Anna : Schliesslech ass et eis Niece.

Esther : Et ass d'Mamm vun eisem le'we klengen hei (hat kuckt strahlend an d'We'.

Hortense: Mir verle'eren eis Zeit hem, ech gin.

Anna : (se'er) Du kanns dach net eleng an der Nuecht dohi goen, ech gi mat.

Esther : Ech gin och mat, soss kennt de Sylvain nach mengen ech wär be'ss mat him.

Hortense: Ma wé bleiwt da beim Kand?

Anna : Ma d'Julianne, wârt, ech gin et ruffen (hat gét aus, de' zwé setzen hir Hitt eröm richteg op, mâchen hir Mäntel zo'gleich drop, kennt d'Anna ganz opgerécht eran)

Anna : D'Julianne ass net me' do. Sei Bett ass nach zo'gedeckt, et war iewerhâpt net schlôfen.

Esther : Vleicht ass et an der Kichen op engem Stull entschlôf.

Anna : Nén, ech war kucken et ass net am Haus.

Hortense: Dat ass dach onme'glech, wuer gét dat dann nuets?

Esther ; Mir mussen an d'Zukunft besser op et oppassen.

Anna : Et kritt gekennegt, dat ass keng Art a Weis fort ze goen, o'ni é Wuert ze sôen. An eso' eppes ass elo well 40 Joer hei am Haus

Hortense: Mat dém Gescheck komme mir net fort.

Esther : Mir kennen dach dé klengen net eleng lôssen.

Anna : Mir missten awer och beim Josette sin.

Hortense: Et wert dach net stierwen,(hat helt sei Nueschnappech a schluchzt)

Esther : (schluzt och) Dien..arme..Klengen...

All matenén: (ganz verzweifelt, awer me' lues, so fir sech) A mir, arem,..arem...Tataen...

Hortense: (op émol ganz rosen) An dat alles ass d'Julianne an der Schold.

Anna : Alles, de' miserabel Kreatur..

(Bei déne leschte Sätz ass d'Julianne era komm am Mantel, e Schâl um Kapp, eng Lanter an der Hand)

Julianne: Wât sin ech an der Schold?Kennen sie dén ârme, klenge Wiermchen mol net schlofe lossen? De' miserabel Kreaturen!.. (De' drei hâten hat net gesi kommen, sie fueren all matenén zesummen, weschen iwer d'Aen a soen

All mattenén: Wuer wâr dir, Julianne? o'ni é Wuert zo' eis ze soen.

Julianne: Schwetzt dach net all mattenén...

Anna : Ech sin dat élst, an ech hun d'Recht iech ze froen, an dir musst mir eng Äntwert gin. Wo'war dir, Julianne?

Julianne: (zeckt guer net me') Mé, dir Jofferen. ech war do, wo' dir hätt solle sin, beim Sylvain senger Frã

Anna : Ah, so, dir wârt beim Sylvain?..

Hortense: (virwetzeg) A we' ass et dann?..

Julianne: Ma dir kennt mech ro'eg fortschecken (verdresslech)ech gin zwar net gär, wann én eso' lâng op enger Plâtz wâr, awer ech hun dat nach le'wer gemâch, we' wann ech meng Pflicht net gemach hätt.

Esther : Sôt eis dach, we' et doiwer ass.

Julianne: Do ass alles eriwer.

Anna : (erfe'ert) Et wèrt dach net sin.

Hortense: (schluchzt) Dat âremt Josette..

Julianne: Ma, da régt iech dach net op, d'Josette ass gewonn, et schle'ft elo ganz ro'eg, duefir wollt ech profite'eren fir no dém Klengen kucken ze kommen.

Anna : (wescht sech Tre'nen) D'Josette ass gerett, komm mir gin direct bis iwer

Esther : A mir bleiwen do bis d'Josette erwecht ass.

Hortense: (an engems ass se allendrei ausgin) Versuergt eis dé Klengen an dér Zeit, Julianne.

Anna: (dre't sech an der Dir nach eng Ke'er em) Jo, git gudd uecht op dé Klengen.

Julianne: (le'sst sech op e Stull fâlen) Lo verstin ech awer neischt me'. Dât do kann nömmen dé Klengen fèrdeg bruecht hun.

(an engems fällt de Rideau)

==============================